

Dat Gebitt ass en Iwwerschwemmungsge-
bitt am ekologesche Sënn vum Wuert, méi
wéi 200 Joer Iwwerschwemmungsgebitt;
dat heescht, et ass iwwerhaapt keent. Wat
also d'Waasser ugeet, ass op deem Site kee
Problem.

Fir déi aner Fro musst Der lech, wéi gesot,
un den Ëmweltminister riichten. Dee kann
lech dann déi Froe beäntweren.

Ech kann lech just soen, vu mir aus ge-
kuckt: Landesplaneresch ass kee Problem.
Als Waasserminister kann ech och soen: Et
läit net an enger Geforenzon. Voilà! An Der
kënnst souguer selwer op de Site goe vum
der Wasserwirtschaftsverwaltung. Waasser-
GIS, heescht deen; geographeschen Infor-
mationssystem WaasserGIS. Do kënnst Der
nokucken, wéi de Site klasséiert ass.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Et ass
souwisou nëmmen naass, wann et reent.

» M. Eugène Berger (DP).- Dat
heescht, Dir hutt nach keng Décisioun ge-
holl?

(Interruptions diverses)

» M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre
de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri-
toire*.- Dat ass fir d'Gemengen. Dir musst
mam Buergermeeschter schwätze vum der
Gemeng Réiser, a mam Ëmweltminister. Da
kritt Der déi Detailler, déi Der mech elo ge-
frot hutt, wou ech net kompetent sinn.

» M. le Président.- Voilà! Da komme
mer un déi lescht Fro. D'Madame Delvaux
huet nach net geäntwert op dem Här Berger
seng Fro. An den Här Berger géif mer dat
net verzeien, wann d'Madame Minister net
hei zu Wuert kéim.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre
de l'Éducation nationale et de la
Formation professionnelle*.- Merci, Här Pre-
sident. Den Här Berger stellt d'Fro wéi d'En-
seignanten informéiert ginn iwwert d'Mise
en vigueur a wéi d'Préparatiounen lafen.
Also, ech wëll soen: Informatioun vum En-
seignant ass ee Volet; et gi jo nach vill ane-
rer derbäi.

De Moment ass: Mir hunn eng Broschür
fäerdeg gemaach, déi all Enseignant ge-
schéckt kritt. Déi ass elo amgaang ver-
schéckt ze ginn. Déi wäert also an deenen
nächsten Deeg bei den Enseignanten
ukommen. Do stinn dann och eng ganz Rei
allgemeng Informatiounen dran. Et ass ge-
plangt, dass d'Inspektore Réunionen d'infor-
mation maache mat all hiren Enseignanten.
Et sinn och eenzel Inspekteren, déi schonn
ugefaangen hu mat deene Réunionen.

Mir hunn och dann deen drëtte Volet. Dat
ass dee vun der Formation vum de Schoul-
meeschteren, Léierinnen, Chargéen. Mir
hunn eng Circulaire - oder wéi ech dat soll
nennen - un d'Schoule geschriwwen, well
mer jo soen: Hei, mellt lech un. Sot wat Der
als Schoul braucht; well mir jo eigentlech
gär hätten, dass d'Schoule sollen zesum-
men an eng Formatioun goen. Do kommen
elo d'Äntwerten eran, a mer wäerten eis be-
méien esou vill wéi méiglech Formatiounen
ze offréieren.

Da kënnst dat véiert Element, dat ass d'Cir-
culaire de printemps, déi mer amgaange si
fäerdegzemaachen, wou d'Instruktiounen
prezis, déi pedagogesch Instruktiounen un
d'Enseignanten, dra sinn, an déi wollte mer
an der Ouschtervakanz fäerdegmaachen,
fir se dann duerno ze verschécken.

Wat d'Formatioun ugeet, wëll ech awer
soen, dass de SCRIPT scho säit Jore For-
matiounen ubitt iwwer kompetenzorientéier-
ten Unterrecht, iwwer Differenzéierung, iw-
wer Gestion de classes an dass mer ëmmer
erëm en Appel gemaach hunn, dass d'En-
seignanté sech sollen an déi Formatiounen
mellen; well wa sech natierlech elo alleguer-
ten d'Leit mateneen an déiselwecht Forma-
tioun mellen, da gëtt dat e bësse schwie-
reg, dat ginn ech zou. Duerfir setze mer dann
och Prioritéiten, mat den Inspekteren ze-
summen, fir och Journées pédagogiques an
deenen eenzelnen Arrondissementer vum
Inspektorat ze maachen.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Madame Mi-
nister. De Park and Ride tëschent lechternach
an der Stad ass den Objet vun där

leschter Fro vun haut de Mëtteg, gestallt
vum Här Vizepräsident Scheuer un den Här
Bauteminister Wiseler.

**Question N°320 du 10 mars 2009
de M. Jos Scheuer relative à la
mise en place d'une aire de Park
and Ride aux abords de la E29
entre Echternach et Luxembourg,
adressée à M. le Ministre des
Travaux publics**

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Här Presi-
dent, Dir Dammen an Dir Hären, eng Fro déi
de Bauteminister, Stroossebauminister sé-
cher net iwwerrascht. Eng vun deene villen,
déi gestallt gi sinn. Dat hei kéint wahr-
scheinlech déi Lescht sinn.

Den Transport public tëschent lechternach
an der Stad ass gutt organiséiert, zefridde
stellend, a kéint awer nach besser verlafe-
n, wann e Park and Ride tëschent lechternach
an tëschent der Stad installéiert wier. Elo si
mer endlech esou wäit, datt mer d'Kräizung
tëscht der Strooss, déi vu Bech op
Consdorf féiert, an der E29 entschäerfen.

D'Aarbechte sinn amgaang, an do ass vu
verschiddene Gemengen, an och vu Bier-
gerinitiativen a vun Ëmweltkommissiounen,
de Wonsch ausgeschwat ginn, fir just bei
där doter Kräizung e Park and Ride ze ins-
talléieren, wou een dann d'Autoen aus den
Nopeschdierfer kéint opfänken a wou
d'Chauffeuren da kéinten den öffentlechen
Transport benotzen, fir an d'Stad ze fueren.

Ob dat elo op där doter Plaz ass oder op
enger anerer Plaz, wou och e Schantjen
ass, weess ech net. Mä ech mengen et wier
gutt, wann den Här Minister dozou géif Stel-
lung bezéien.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Scheuer.
Den Här Stroossebauminister Claude Wise-
ler huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Tra-
vaux publics*.- Merci Här President. D'Änt-
wert op déi dote Fro ass Jo an Neen. Jo,
sécherlech, well mer brauchen déi „Park
and Ride“-Projeten op där doter Streck evi-
denterweis. Neen awer, well ech net men-
gen, datt et op där preziser Plaz, déi den
Här Scheuer elo ugeschwat huet, am senn-
vollste wier.

Et muss ee wëssen, datt mer jo elo dee
ganze Rond-point, déi ganz Kräizung do
aus Sécherheetsgrënn frësch maachen. Mir
hunn e Park and Ride zu lechternach, dee
relativ gutt ugeholl gëtt, deen och fonction-
néiert, an et ass elo op deem heite Chantier
net geplangt en zousätzlechen ze maa-
chen.

Aus wat fir enge Grënn ass et net geplangt?
Mä well mer, éischstens, schonn enorm
Schwieregkeeten hate fir Terrain genuch ze
kréien, fir iwwerhaapt déi Kräizung esou ze
aménagéieren wéi mer se elo aménagéieren.
Dir wësst, datt mer do jorelaang gekuckt hu
fir d'Terrainen ze kréien, an datt mer do och
jorelaang Diskussiounen hate fir kënnen
nach méi Land ze verbauchen, fir déi
Strooss ze bauen, esou datt ech net men-
gen, datt mëtten um Land elo nach e
grousse Park and Ride zousätzlech sollt ge-
baut ginn.

D'autant plus, datt ee muss wëssen, datt op
där doter Streck just am Fong eng Buslinn,
déi eben zwëscht lechternach a Jong-
lënster, fiert. Dat, wat awer méi sënnvoll ass -
an do si mer amgaang, an enger gudder
Kollaboratioun mat der Gemeng Jong-
lënster, drun ze schaffen -, dat ass fir e Park
and Ride op Jonglënster ze kréien.

Dir wësst, datt mer do e Contournement hei
gestëmmt hunn. Am Kader vum Bau vun
deem Contournement ass dann och ge-
plangt fir do e Park and Ride plus eng Bus-
gare opzeriichten. Ech mengen déi erfüllt
deeselwechten Zweck wéi deen, deen Dir
elo genannt hutt, huet awer de groussen
Avantage, datt se bei enger gréisserer Lo-
kalitéit ass, an huet och den Avantage, datt
do och nach aner Busstrecken, Querverbin-
dungen kënnen drop stoe bleiwen an drop
desserviéiert ginn.

Dat war d'Äntwert op déi dote Fro: Jo zu en-
gem Park and Ride op där Streck, net op
där Plaz wou Dir gemengt hutt, mä zu Jong-
lënster schéngt et mer méi sënnvoll ze sinn.
Dat si mer amgaang ze plangen, mat der
Gemeng Jonglënster, déi och schonn eng
Rei Terrainen do opkaf huet, fir déi Realisa-
tioun ze maachen.

Mat dem Ëmweltminister hu mer och ge-
schwat, fir déi noutwendeg Autorisatioun ze
kréien. Sous condition, datt mer dee Parking
ekologesch gestalten, kréie mer och déi Au-
torisatiounen zu Jonglënster op där Plaz.

Merci.

» M. le Président.- Voilà. Merci, Här Mi-
nister Wiseler. Domadder ass dese Punkt
vun eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir
kommen elo zu zwee Projets de loi portant
approbation de l'Accord de coopération
concernant un système mondial de navi-
gation par satellite à usage civil entre la Com-
munauté européenne et ses États membres
an der Republik vu Korea op där enger Säit,
an dem Kinnekräich vu Marokko op där ane-
rer Säit.

Déi zwee Projete ginn an enger Diskussioun
behandelt, an den honorabelen Här Thiel
présentéiert eis se elo.

**5. 5693 - Projet de loi por-
tant approbation de l'Accord
de coopération concernant
un système mondial de navi-
gation par satellite à usage
civil entre la Communauté eu-
ropéenne et ses États
membres, d'une part, et la Ré-
publique de Corée, d'autre
part, signé à Helsinki, le 9
septembre 2006**

**5878 - Projet de loi portant
approbation de l'Accord de
coopération concernant un
système mondial de navi-
gation par satellite (GNSS) à
usage civil entre la Commu-
nauté européenne ainsi que
ses États membres, et le
Royaume du Maroc, signé à
Bruxelles, le 12 décembre
2006**

**Rapports de la Commission de l'Ensei-
gnement supérieur, de la Recherche et de
la Culture**

» M. Lucien Thiel (CSV), *rapporteur*.-
Merci, honorabelen Här President. Kollee-
ginnen a Kollegen, et ass schonn e Strapp
hier, datt mer an dësem Haus Projeté
gestëmmt hunn, déi eppes mam Galileo ze
dinn haten. Et goug dobäi all Kéier ëm
Kooperatiounsaccorden, déi d'Europäesch
Communautéit mat eenzelnen Drëttlänner
ofgeschloss hat an an deene festgehale
gouf, wéi wäit déi Länner mat an de Gali-
leosprojet agebonne ginn.

2005 hate mer hei d'Ofkommes mat der Tür-
kei a mat Argentinien ratifizéiert. Dat Joer
drop waren Amerika, Israel, China an
d'Ukraine un der Rei. An du war emol
Funkstille. Bis haut, wou mer d'Accordé mat
Korea, Süd natierlech, a mat Marokko of-
seene sollen. Datt do dertëscht dräi voll
Joer leien huet scho säi Grond. De Milliar-
deprojet Galileo, d'europäesch Géigestéck
zum amerikanesche GPS, dee mer jo alle-
guer äifreg mat eisen Navien am Auto not-
zen, war a Schwulitéite gero- den, well dat
net esou richtege mat der Finanzéierung ge-
klappt huet. Et war jo esou geduecht, datt
de Galileo wuel vun der Europäescher Com-
munautéit chaperonnéiert sollt ginn, mä datt
d'Finanzéierung vu private Gruppen aus
dem Hightechberäich sollt gemaach ginn.

An do kouw dunn de Knet. Privat Investis-
seuren hu kal Féiss kritt, well se gefaart
hunn, net op hir Rechnung ze kommen. Si
ware wuel gäre bereet als Fournisseuren
derbäi ze sinn, mä hir finanziell Bedeele-
gung huet hinne manner gutt geschmaacht,
wouropshin dat Ganzt dunn an d'Schlid-
dere gero- den ass an den Délai, wou de Galileo
sollt ulafen, eriiwwergaangen ass, ouni datt,
ausser zwee, weider nach keng vun deenen
30 Satellitten eropgeschoss gi sinn, mat
deenen den Navi-System fonctionnéiere soll.

Eréischt wéi den ECOFIN Enn 2007 déci-
déiert huet, datt d'Europäesch Kommis-
sioun de Gros vun der Finanzéierung misst
iwwerhuelen, kouw erëm Schwonk an
d'Saach. Elo ass et esou, datt d'Kommis-
sioun amplaz eng Milliard Euro der 3,4 op
den Dësch blediere muss, an d'Privatpart-
ner, déi sech am Ufank mat dräi Véirel um
Kapital bedeelege sollten, elo nach knapps
ee Véirel bäisteieren. Dee ganzen Hin an
Hier huet am Endeffekt dräi Joer Verspéi-
dung an 800 Milliounen Euro weider kascht.

Et kann ee sech natierlech froen, ob dee
Projet dee ganzen Opwand wäert ass, an ob
mir Europäer iwwerhaapt en eegenen Navi-
gationssystem brauchen. Do muss een
dann awer wëssen, datt, wa mer eis eleng
op den Amerikaner hire GPS verloossen - de
Russen hire Glonass kann ee vergiessen,
well hie gëtt säit dem Enn vum kale Krich net
méi ënnerhalen -, also wa mer eis op de
GPS géife verloossen, da kéinte mer emol
riskéiere wierklech verlooss ze sinn. Dee

gouf nämlech fir militäresch Zwecker erf-
ont a kéint muer - wéi dat iwwregens scho wä-
rend dem Irak-Krich geschitt ass -, op Kom-
mando vum Pentagon, fir d'Zivilverwäertung
einfach ausgeknipst ginn. D'Décisioun, ob a
wéini eis Navié fonctionnéieren, läit also
ganz eleng bei eisen amerikanesche Frënn.

Dat wier wuel scho Grond genuch, fir datt
d'Europäer sech en eegenen Navigatiouns-
system zouleeën. Mä et ginn nach eng
Rëtsch aner Grënn fir fënnef Milliarden an
esou eppes wéi de Galileo ze stichen. Do
wier emol déi kommerziell Notzung duerch
déi d'Entreprise, déi op prezis Naviga-
tionsdaten, ob um Buedem, an der Loft
oder um Waasser ugewise sinn, an déi iw-
wer extra Frequenze beliwwert kënnen ginn,
dat allerdéngs net fir näischt, mä géint Be-
zuelen.

Da kënnen och d'Eisebunn, d'Aviatioun an
ähnlech Beräicher op de Galileo zréckgrä-
fen, fir hire sécherheetstechneschen
Oploen nozekommen. Dat heescht da beim
Galileo „Safety of Life“. Op de Galileo uge-
wise sinn och d'Sich- an d'Rettungs-
déngschter, déi an Nout- a Katastrophefäll
séier a prezis musse kënnen agräifen. A
schliesslech gëtt et och nach déi fir déi een-
zel State reservéiert Frequenzen, déi natier-
lech entspre- chend ofgeschiermt a ver-
schlüsselt der Polizei oder och der Arméi, a
ganz bestëmmt och de Geheimdéngschter
zur Verfügung stinn.

Grad wéinst där leschter Verwendung mus-
sen esou Accorden, wéi déi zwee vun haut,
mat Drëttlänner ofgeschloss ginn. Mir hunn
näischt dergéint, datt sech och Net-EU-Län-
ner mat an de Galileo dranhänken an dervu
profitéieren, an dat als d'Géigeleschtung
duerfir, datt d'Galileosbedreiwer d'Kontroll-
statiounen op hirem Territoire ariichten däre-
fen.

Mä wann et ëm déi méi kriddelech Mis-
sioun vum Galileo geet, da bleiwe mir Eu-
ropäer dach gär Här op eise Satellitten.
Duerfir déi Rëtsch vu Restriktiounen, zum
Beispill wat d'militäresch Notzung ugeet,
déi an deenen eenzelnen Accorden age-
schriwwen an déi méi oder wéineger déisel-
wecht fir se alleguer sinn.

Et huet eng Zäit laang esou ausgesinn, wéi
wann d'Amerikaner net ganz frou mam Gali-
leo wieren. Si wollten natierlech hire GPS-
Monopol behalen, well och wann d'Privat-
notzung vum GPS gratis ass, bréngt déi
kommerziell Utilisatioun, wéi zum Beispill
d'Steuerung vun de Schëffsflotten, eppes an
d'Keess. Mä et huet sech séier erausge-
stallt, datt eng Kopplung vun deene béide
Systemer fir déi zwou Säite vun Avantage
wier, wouropshin dann och en Accord iwwer
eng gemeinsam Notzung vu GPS a Galileo
mat den USA ofgeschloss ginn ass, déi
duerfir suerge wäert, datt deen da globalen
Navigatiounssystem nach méi prezis an
zouverlässeg gëtt.

A wat hu mir Lëtzebuerger dann elo mat
dem ganze Projet ze dinn, ausser datt mer
natierlech alleguer vun der Navigatiounshél-
lef profitéiere wäerten? Dozou ass ze soen,
datt de Projet Galileo vun der europäescher
Weltraumagence ESA géréiert gëtt, an datt
Lëtzebuerg Member vun där ESA ass. An
dat huet seng Grënn.

Wann een nämlech derzougehéiert, dann
huet een e gewës- sent Recht och Com-
mandé vun där Agence ze kréien, wat och
erëm eng Kéier dann interessant ass, wann
ee selwer Entreprise huet, déi mat der
Welraumtechnologie ze dinn hunn. Am
Ament hu mir der zwou esou. Op där enger
Säit ass et eis SES, déi als gréisste private
Satellitbedreiwer op der Welt natierlech
iwwer kéipweis Know-how am Beräich vun
der Satellitesteuerung verfügt, an op där
anerer Säit schafft d'SES mat enger Lëtze-
buerger Firma zesummen déi HiTech
heescht an déi an der Antennentechnologie
zu enger vun de féierenden Entreprise an
Europa ginn ass.

Et steet also elo schonns méi oder wéineger
fest, datt d'SES an d'HiTech bei e puer vun
de Kontrollstatiounen um Buedem wäerten
derbäi sinn, ënner anerem bei där, déi hei
vir an der Belsch bei der Uertschaft Redu
virgesinn ass. Déi Opträg eleng wäerten an
déi 60, 65 Milliounen Euro ausmaachen, a
wann dat da klappt, da wäerte wuel nach
weider Commanden nokommen.

Mir Lëtzebuerger hunn also en duebelen In-
térêt um Galileo: Eng Kéier als Konsumente
vum Navigatiounssystem, an déi aner Kéier
awer och als Fournisseuren. Duerfir däreifte
mer heibannen och näischt dergéint hunn,
denken ech emol, datt de System méi-
glechst reibungslos ronderëm de ganze
Globus fonctionnéiert, wouzou natierlech all
déi Ofkommes mat den Drëttlänner néi-
deg sinn.

Mat der Recommandatioun vun Ärer Kom-
missioun, deenen zwee Projeten hei Är

Zoustëmmung ze ginn, a mat dem Accord vu menger Fraktioun uewen drop, därf ech lech dann och elo schonn ukënnegen, datt als nächst Brasilien a Malaysia op der Lee wäerte stoen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci fir seng ausféierlech Ausféierungen zu dësen zwee Projeten, an ech denken, dass alles gesot ass. Ech gesinn iwwerall Satisfaktioun bei de Fraktiounen, duerfir komme mer elo zum Vote vun dësen zwee Projeten.

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert den Accord mat der Republik vu Korea, Südkorea selbstverständlech.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5693 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5693 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Ben Fayot) et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Elo stëmme mer of iwwert den Accord mat dem Kinnekräich vu Marokko.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5878 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5878 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zu der Konventioun iwwert den Institut Forestier Européen. De Rapport zu dësem Projet mécht eis elo den honorabelen Här Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

6. 5866 - Projet de loi portant approbation de la Convention de l'Institut Forestier Européen, faite à Joensuu, le 28 août 2003

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

» **M. Fred Sunnen** (CSV), *rapporteur.* - Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, elo maache mer all zesummen e klengen Ausfluch an de Bësch.

» **Plusieurs voix.** - Oohhhh! Aahhhh!

» **M. Fred Sunnen** (CSV), *rapporteur.* - Ech stellen lech nämlech e Projet vir, duerch deem d'Konventioun vum Institut Forestier Européen, kuerz IFE genannt, ugeholl soll ginn, esou wéi se den 28. August 2003 zu Joensuu a Finnland beschloss gouf.

Dëse Projet ass den 9. Abrëll 2008 vum Ausseminister an der Chamber déposéiert ginn. Den 11. Juli d'lescht Joer huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. Den 18. Februar 2009 huet d'Chamberskommissioun, déi zoustänneg ass fir d'Héichschoul, d'Fuerschung an d'Kultur, de Projet analyséiert a mech als Rapporteur genannt. Leschte Mëttwoch, de 4. Mäerz, huet d'Kommissioun dunn de virleiende Rapport ugeholl.

Wourëms geet et an dësem Projet? Nun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Institut Forestier Européen ass 1993 gegrënnt gi fir dem Besoin nozekommen, déi wëssenschaftlech Zesummenaarbecht am Beräich vun der Forstwirtschaft ze verstärken an och d'Fuerschung, déi an dësem Domän op europäeschem Niveau bedriwwen gëtt, mat anzebauen. Den Institut Forestier Européen huet d'Missioun d'forstwirtschaftlech Recherchen op paneuropäeschem Plang ze fördern, ze leeden an ze koordinéieren.

D'Resultater vun dëser Aarbecht sollen dann un all interesséiert Parteie weidergeleeet ginn, mam But d'Bëscher an Europa ze schützen an eng nohaltege Gestiou ze garantéieren. Fir dass dëst geschéie kann, huet den IFE folgend Kompetenzen: En ass Informant iwwert de ganze Secteur vun de Bëscher an der forstwirtschaftlecher Industrie, e bedreift Fuerschung an de genannte Beräicher, en entwëckelt Fuerschungsmethoden. E bekëmmert sech ëm d'Donnéen iwwert d'europäesch Bëscher, en organiséiert wëssenschaftlech Réuniounen, en hält Deel u Formatiounen iwwer forstwirtschaftlech Recherchen an e verëffentlecht schlussendlech d'Erkenntnisser an d'Resultater vu sengen Aarbechten.

Wéi gesot gouf den Institut 1993 an d'Liewe geruff, an no zéng Joer Existenz ass 2003 décidéiert ginn, säi Statut an eng international Organisatioun ëmzeänneren. Wa bis elo nëmmen Organismë mat wëssenschaftlecher, pedagogescher, industrieller oder wirtschaftlecher Vociatioun Member waren, esou kënnen zënter dësem Zäitpunkt Länner a State Member ginn. Heiduerch kritt den Institut Forestier Européen natierlech e ganz anert Gewiicht an en aneren Optrëtt op der internationaler Bühn, wann et dorëms geet, d'Interessi vun eise Bëscher ze verrieden. Déi nei Konventioun ass 2003 vun 20 Länner, dorënner selbstverständlech och de Grand-Duché, ënnerschriwwen ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Fuerschung am forstwirtschaftleche Beräich zu Lëtzebuerg ugeet, hate mir kee rengen Institut de recherche, dee sech just heirëms bekëmmert huet. Verschiddenes ass vun der Cellule de recherche en environnement et biotechnologies initiéiert ginn, mä dee gréissten Deel vun der Fuerschung geschitt duerch Konventiounen zwëschent der Administration des Eaux et Forêts an auslänneschen Instituter aus verschiddenen europäesche Länner.

Dëst soll awer net heeschen, datt hei bei eis am Land dernieft weider näischt am Domän vun der nohalteger Gestiou an der Konser-

vatioun vun eise Bëscher geschitt ass. Mir kennen hei zu Lëtzebuerg an dësem Beräich zwee Labelen: de PEFC: Programme for the Endorsement of Forest Certification, an den FSC: Forest Stewardship Council.

Doduerch, datt mir elo d'Konventioun vum Institut Forestier Européen unhuelen, ënnersträiche mer nach eemol d'Ambitioun vum Grand-Duché, eis Bëscher ze schützen an duerch eng nohaltege Gestiou fir déi kommend Generatiounen ze erhalen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Fred Sunnen** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, méi ass zu dësem Projet net ze soen. Wat awer net heescht, datt en net wichteg wier. Ganz am Géigendeel, esou wéi Der aus mengem kuerzen Exposé erausgehéiert hutt.

» **Une voix.** - En ass wichteg!

» **M. Fred Sunnen** (CSV), *rapporteur.* - Et bleift just nach ofschléissend ze soen, datt och de Statsrot keng Problemer mat dësem Text hat an e positiven Avis dozou ofginn huet.

Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Am Numm vun alle Fraktiounen soen ech dem honorabelen Här Sunnen Merci a mir kommen zum Vote iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5866 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet 5716 iwwert den elektronesch Dépôt beim Registre de commerce et des sociétés. Den honorabelen Här Santer huet d'Wuert.

7. 5716 - Projet de loi sur le dépôt par voie électronique auprès du registre de commerce et des sociétés modifiant

- le titre I de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises, et

- la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales

Rapport de la Commission juridique

» **M. Patrick Santer** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech a mengem mëndleche Rapport dëse Projet de loi wäert beschreiwen, wëll ech, entgéint menge Gewunnechten, mat der an der Kommissioun verfuereiner Prozedur ufänken. En effet, normalerweis iwwerhuelen ech dës Detailer, déi am schrëftleche Rapport ermëzefanne sinn, net am mëndleche Rapport. Hei maachen ech eng Ausnahm, well mer an der Kommissioun eng Entscheedung getraff hunn, déi, esou mengen ech, fir dës Legislatur eemoleg ass.

De Projet gouf den 11. Juli 2008 vum Statsrot aviséiert. Den 9. Oktober 2008 huet d'Kommissioun e puer kleng Amendementer ugeholl an un de Statsrot geschéckt. Et gouf eng Kéier „jour“ duerch „jour ouvrable“ geännert an eng Kéier „communauté“ duerch „espace économique européen“. Mir hate geduecht, datt dës Amendementer, déi wierklech net substanzieel waren, bis Enn Januar kéinten aviséiert ginn. Den 31. Januar 2009 war en effet den Datum, wou d'Handelsregister technesch prett wor, fir dëse Projet ëmzesetzen. De 5. Mäerz 2009 hate mer nach ëmmer keen Avis vum Statsrot, obwuel, wéi ech gesot hunn, säit Enn Januar alles am Handelsregister prett wor, fir dëse Projet de loi ze applizéieren. Si hunn et awer net gemaach, well se keng gesetzlech Grondlag derfir haten.

Derbäi kënnt nach, datt Lëtzebuerg dat lescht Land ass, dat d'Direktiv 2003/58 net ëmgesat huet. Aus deene Grënn wollte mer net weider op de Statsrot waarden a mir hunn déi zwee Amendementer, déi, wéi ech virdru gesot hunn, net substanzieel sinn, zréckgezunn.

Här President, wourëm geet et bei dësem Projet de loi?

Éischtens setze mer eng Direktiv ëm, no där d'Memberstate sollte folgend Mesuren huelen:

Éischtens, Dokumenter, déi beim Handelsregister mussen hannerluecht ginn, mussen op elektroneschem Wee agereecht kënne ginn.

Zweetens, Dokumenter, déi sech säit dem 1. Januar 2007 beim Handelsregister befannen, mussen op informatesche Support enregistriert ginn.

Drëttens, op Ufro misst datselwecht fir d'Dokumenter geschéien, déi virum 1. Januar 1997 gemaach gi sinn.

Véiertens, Kopië vun den Dokumenter beim Handelsregister musse kënnen iwwer Courrier électronique, also iwwer E-Mail verschéckt ginn.

A fënneftens, dës Dokumenter musse kënnen duerch eng Signature électronique vum Handelsregister certifiéiert ginn.

Dës Direktiv hätt misse bis den 31. Dezember 2006 ëmgesat ginn. Mir hunn awer dës Direktiv schonn deelweis ëmgesat, andeems d'Dokumenter, déi säit dem 1. Januar 2006 beim Handelsregister hannerluecht ginn, scho systematesch op elektronesch Support gesat ginn. An deenen nächsten dräi Joer wäert dat fir all Dokumenter vum Handelsregister, dat heescht säit 1909, geschéien. Dat, wat nach net vun der Direktiv ëmgesat gouf, ass d'Méiglechkeet, d'Dokumenter elektronesch anzereeche. A bei der Signature électronique huet och missen nogebessert ginn.

Derniewent goufen am Gesetz vum 19. Dezember 2002 iwwert d'Handelsregister kleng Detailer geännert opgrond vun den Erfahrungen, déi an de leschte Jore gesammelt goufen. Sou zum Beispill gouf d'Prozedur, wéi d'Dokumenter beim Handelsregister ze hannerleeë sinn, liicht geännert. De Statsrot hat do eng aner Prozedur virgeschloen, déi mer net iwwerholl hunn, well déi vun der Regierung virgeschloen Prozedur déi heiteg Praxis iwwerhëlt a keng gréisser Ëmstellung erfuerdert.

Ech wëll elo net op all Detailer vun dësem Projet de loi agoen, ech wollt just dräi grondsätzlech Punkten ënnersträichen.

Éischtens, d'Enseigne commerciale. Fir Gesellschaften, déi en Numm hunn, genannt Dénomination sociale, ass d'Enseigne commerciale eng Zort Publicitéit. Den techneschen Term ass: „désignation de fantasia à usage publicitaire“. Säit 2002 ass d'En-